Paroisse Saint Martin
Dudelange
Wolter André
31,rue Schiller
L-3562 Dudelange
Tel-Fax: 512103
Email: woltera@pt.lu

Ee neie Musical
Noch einmal Kapernaum

No deenen flotten Erfahrungen vum Joseph a Simba, steet ee neie Musical un:….noch einmal Kapernaum vum Jürgen Werth an Hans Werner Scharnowski. Et ass d'Erzielung vun engem fiktiven Klassentreffen vum Jesus sénge Frënn am Joer 50 zu Kapernaum. A 16 Statiounen erënneren sie sech un hir Erliewnisser mam Jesus an u séng gudd Wierder. Themen wéi hir Berufung ("Zusammen gefischt,zusammen berufen") hir Differenzen a Gemeinsamkeeten, hire Burn-Out ("Ihr braucht erst mal Ruhe") oder hir Zweifel an hir Selbstgefällegkeet ("Wären doch mal alle so wie ich ") gin am Musical ugeschwaat.
Dëse Musical ass elo vlaicht net esou bekannt awer dofir net manner schéin. An deenen 2 läschte Joeren gouf hien a ville Paren an Daitschland opgefouert a realiséiert genee esou wéi mir dat och ëmmer gemaach hun. Mat ville Kanner, Erwuessener, mat eise Parverainer déi Freed un engem Musical hun wëlle mir dee Projet nees ugoen. Dat kascht sëcher nees vill Aarbecht an och ee groussen Asatz vu jidderengem.

Et gi vill Méiglechkeeten wou's du kanns aktiv matmaachen: beim Gesank an der Musik, beim Danzen, beim Gestalten vun der Bühn, beim Bitzen vu Kleeder, bei der ganzer Organistioun ronderëm de Projet.

Wanns du Loscht hues mat ze maachen, da mell dech un mat dem Umelldungscoupon. (Umelldung bis den 15.Juli 2006 eragin)

Wanns du dech gemellt hues, schëcke mir dir den Timing vun de Prouwen am Mount September zou. (Prouwe vun de Kanner sin Samchdes Muerges a vun deenen Erwuessenen Dënchdes Owes) Prouwen fänken am Oktober un fir am März 2007 de Musical kënnen ze spillen. (9,10,16.17.18 März 2007)

Organisatioun:
Par Diddeléng – Musikschoul Diddeléng – Kulturkommissioun vun der Gemeng Diddeléng

UMELLDUNGSZIEDEL
fir de Musical:noch einmal Kapernaum

Ech _____

Numm Virnumm

_____

Adresse Tel

_____

email

maache mat beim Musical

beim Sangen	O
bei engem Szenespill	O
beim Danzen	O
beim Gestalten vun der Bühn	O
beim Bitzen vu Kleeder	O
beim Schminken	O
bei der Organisatioun ronderëm	O

Kraiz déi Saachen un wou's du matmaache kanns a gëff den Ziedel esou schnell wéi méiglech nees oof baim Änder

Gidd är Umelldung bis den 15.Juli 2006 eran